LSAP

N°5088
Reçue le 11.10.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 11.10.2021

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 11. Oktober 2021

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

D'Promotiounscritèren am Enseignement secondaire général (ESG) erméiglechen et am Cycle inférieur, trotz Notten tëscht 20 an 29 a sämtlechen Disziplinne weider an dat nächst Joer ze kommen; souguer eng eenzel Nott ënnert 20 bedeit net, dass een echouéiert an d'Joer widderhuele muss. Vu 5ième op 4ième ESG ginn d'Critèren fir eng Reussite wesentlech méi streng, et dierf ee maximal 2 ongenügend Notten hunn. Zousätzlech kommen hei, jee no Sektioun, weider Critèren derbäi. Sou brauch een beispillsweis fir verschidde Sektiounen zumindest eng 40 an de Sproochen oder an der Mathematik.

An deem Zesummenhang wëll ech dem Här Educatiounsminister dës Froe stellen:

- Wéi vill Schüler*Innen redoubléieren d'Klass vun der 5ième ESG, well se echouéiert, spréch weder den Niveau "globalement avancé" nach den Niveau "globalement de base" gepackt hunn?
- Wéi vill Schüler*Innen redoubléiere fräiwëlleg, well se déi gewënscht Sektioun mat hire Punkten net auswiele kënnen? Wéi gesäit hei d'Evolutioun iwwert déi lescht Joren, voire säit der Reform vun de Promotiounscritèren aus?
- Wat bedeit de "fräiwëllege Redoublement" fir d'Organisatioun vun de verschiddene Lycéeën?
- Am Laf vum Cycle inférieur kann just eemol e fräiwëllegen Redoublement ugefrot ginn – wéi dacks ass dat fir 7ième, 6ième a 5ième de Fall? Wéi ass d'Evolutioun déi lescht 5 Joer? Ginn et Fäll wou am Cycle inférieur zweemol e Redoublement ugefrot gëtt? Wann jo, wéi gëtt dëst gehandhaabt?
- Wéi reagéiert de Minister op d'Kritik, dass d'Schüler*Innen op 7ième a 6ième a verschiddene Fächer manner Efforte weisen, well se duerch déi nei Promotiounscritèren en règle générale awer de nächsten Niveau erreechen?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 5088 vun der honorabeler Deputéierte Francine Closener

Ad 1)

Den Tableau 1 weist d'Evolutioun vum Taux de redoublement op den ënneschte Klassen vum Enseignement secondaire général.

***Tableau 1** : Taux de redoublement par niveau dans l'enseignement secondaire général (voie de préparation exclue)*

Toutes orientations

Niveau	2011/2012	2012/2013	2013/2014	2014/2015	2015/2016	2016/2017	2017/2018	2018/2019	2019/2020	2020/2021
7	6,49%	6,46%	6,85%	6,40%	6,73%	5,40%	7,09%	2,21%	1,70%	1,37%
8	9,07%	8,12%	8,63%	8,23%	9,18%	7,91%	9,15%	6,08%	3,20%	2,30%
9	18,75%	18,40%	19,72%	19,33%	19,88%	19,61%	19,64%	18,82%	21,28%	21,34%

Déi dräi nächst Tableaue weisen, op wéi enger Klass d'Schülerinnen a d'Schüler vu 7e G (Tableau 2), 6e G (Tableau 3) a 5e G (Tableau 4) hire schoulesche Parcours poursuivéiert hunn.

***Tableau 2** : Orientation des élèves qui ont fréquenté une classe de 7G (voie de prép. exclue) l'année précédente*

Niveau et orientation	2011/2012	2012/2013	2013/2014	2014/2015	2015/2016	2016/2017	2017/2018	2018/2019	2019/2020	2020/2021
7										
CYCLE INF	181	176	193	182	170	135	177	48	36	29
ESC				1		5	2	9	2	3
PREP	1	7	4	1	4				3	1
8										
CYCLE INF	2448	2487	2514	2488	2228	2253	2170	2346	2219	2211
ESC	68	69	70	84	97	142	118	115	94	116
PREP	89	74	86	111	76	52	54	49	51	39
9										
CYCLE INF		1	1	2	1				2	1
ESC			1				1			1
PREP	17	18	5	8	7	5	1	8	3	1
10										
ESC			1							
99										
ACCU/CLIPP/COIP/CLIJA					1					
Grand Total	**2804**	**2832**	**2875**	**2877**	**2584**	**2592**	**2523**	**2575**	**2410**	**2402**

***Tableau 3** : Orientation des élèves qui ont fréquenté une classe de 6G (voie de prép. exclue) l'année précédente*

Niveau et orientation	2011/2012	2012/2013	2013/2014	2014/2015	2015/2016	2016/2017	2017/2018	2018/2019	2019/2020	2020/2021
8										
CYCLE INF	274	232	250	244	267	211	241	160	87	54
ESC		1	1	1	2	6	5	2	2	5
PREP	1	1	2		1		1	1		
9										
CYCLE INF	2712	2617	2641	2689	2614	2496	2387	2470	2632	2466
ESC	11	15	22	16	30	16	38	37	29	22
PREP	30	13	13	26	24	14	21	12	24	12
10										
ESC			1						1	
FORM. TECHNICIEN		1								
REG. TECHNIQUE	1		1		2		2			1
REGIME PROF	1	1	1			1	4		2	1
99										
ACCU/CLIPP/COIP/CLIJA	3	2			2		1	1		2
CYCLE INF			1							
Grand Total	**3033**	**2883**	**2933**	**2976**	**2942**	**2744**	**2700**	**2683**	**2777**	**2563**

***Tableau 4** : Orientation des élèves qui ont fréquenté une classe de 5G (voie de prép. exclue) l'année précédente*

Niveau et orientation	2011/2012	2012/2013	2013/2014	2014/2015	2015/2016	2016/2017	2017/2018	2018/2019	2019/2020	2020/2021
8										
CYCLE INF	1	1		1				1		
9										
CYCLE INF	673	669	716	720	750	758	725	672	785	831
ESC	4	2		1	3	2	3		2	7
PREP		1			1		4			
10										
ESC	24	35	35	45	49	60	49	43	29	39
FORM. TECHNICIEN	772	754	717	734	751	693	657	572	540	528
REG. TECHNIQUE	1224	1279	1289	1359	1345	1454	1532	1566	1637	1820
REGIME PROF	852	810	774	760	763	773	660	641	593	622
11										
FORM. TECHNICIEN										1
REGIME PROF		1								
99										
ACCU/CLIPP/COIP/CLIJA	61	99	87	98	101	100	98	75	112	79
CYCLE INF			13	11	18	22				
ES		2								
PREP					12	14				
Grand Total	**3611**	**3653**	**3631**	**3729**	**3793**	**3876**	**3728**	**3570**	**3698**	**3927**

Ad 2), 3) a 4)

Et leie keng Zuelen iwwert de sougenannte fräiwëllege Redoublement vir; dëse gëtt am Fichier élèves net erfaasst.

All Redoublement huet en Impakt op d'Schoulorganisatioun; dësen Impakt gëtt awer limitéiert duerch de Fait, datt op der 7e an op der 6e manner Schülerinnen a Schüler hiert Joer redoubléieren. Ee fräiwëllege Redoublement ka laut Promotiounsreglement just eemol vun den Elteren ugefrot ginn; eng zweet Ufro kann am Prinzip net gemaach ginn.

Ad 5)

D'Diskussioun iwwert de Redoublement muss een a méi ee breede Kontext stellen. All national an international Etüde weisen drop hin, datt de Redoublement an der Reegel keng pedagogesch sënnvoll Moossnam duerstellt.

Et ass wuel richteg, datt den Taux de redoublement op 7e a 6e niddreg ass. Dëse Phenomen ass duerch d'Aféierung vun de "cours de base" an de "cours avancés" ze erklären: ee Schüler, dee punktuell Schwächten huet, muss net automatesch säi Joër redoubléieren, mee gëtt an engem oder méi Fächer op den "niveau de base" agestuuft; dëst ass de Sënn an den Zweck vun der Reform.

Wéi aus dem Tableau 1 ervirgeet, klëmmt den Taux de redoublement op der 5e. Et mussen hei an éischter Linn méi Efforte bei der Orientéierung vun de Schülerinnen a Schüler wärend deenen éischte Jore vum Enseignement secondaire général gemaach ginn, d. h. d'Schülerinnen a Schüler an hir Eltere musse vun Ufank un informéiert ginn iwwer d'Ausbildungsméiglechkeeten, déi hinnen je no hire schoulesche Resultater opstinn. Ech hu meng Servicer domat chargéiert, eng informatesch Applikatioun ze entwéckelen, déi dëst soll liicht verständlech duerstellen.

Lëtzebuerg, de 25. November 2021

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH